SPEBS CGFP

Syndicat du personnel de l'Éducation nationale
œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des
élèves à besoins éducatifs spécifiques

Lëtzebuerg, 18. November 2020

# Satisfaktioun a Rappell

Mat grousser Zefriddenheet hëlt de SPEBS-CGFP zur Kenntnis, datt de Projet de loi zur Rekrutéierung vu Lycéesdirekteren aus dem Privatsecteur, deen eigentlech haut op der Dagesuerdnung vun der Chamber stoung, op Äis geluecht gouf, an datt den Echange mat allen Acteuren an dësem Dossier soll gesicht ginn, esou wéi mir et an onsem gemeinsame Communiqué vum 16.11.2020 zesumme mat der ALEE/CGFP, der APCCA/SEW/OGBL, der APPSAS an dem SLEG/CGFP gefuerdert haten.

Mir wëllen bei dëser Geleeënheet rappelléieren, datt och d'Notten a Bezuch op d'Tâche vum edukativen a psycho-soziale Personal aus dem Enseignement fondamental, de Kompetenzzentren an dem Enseignement secondaire, déi am Juli 2020 wärend dem Confinement vun de Chefs de service aus dem Educatiounsministère an Eegeregie erstallt goufen, mussen zréckgezu ginn. Och des Notte goufen ouni iergendeng Zort vu Sozialdialog ëmgesat. Uweisungen, déi laanscht d'Realitéit vum Terrain ginn, an net fir Unterréchtsqualitéit a Qualitéit vun der Prise en charge suergen, an dat ganz besonnesch och net bei Schüler a Schülerinne mat spezifeschen, psychologeschen oder soziale Besoinen.

An dësem Kontext sief bemierkt, datt et bestoend Bases légales a vum Minister Meisch ënnerschriwwen Dokumenter gëtt, esou wéi Viraarbechten an Aarbechtsgruppen, déi vum Ministère zesummegeruff goufen. Des goufen a ginn awer alleguer an deene besoten Notte vum Minister a sengen héije Beamten komplett ignoréiert. Op der anerer Säit sinn déi vun eis ugefroten Entrevuen an deene leschte Joren a bis ufanks Oktober 2020 ni accordéiert ginn, esou datt dee vun eis ugestriefte Sozialdialog a Bezuch op d'Tâchen vum edukativen a psycho-soziale Personal bis viru Kuerzem komplett inexistent war.

Deen elo also op massiven Drock hin endlech zougeloossenen Dialog gëtt elo mat der Begrënnung vu pandemiebedéngte Verhënnerungen zäitlech no hanne geréckelt.

**Dofir erneiere mir heimat ausdrécklech ons Fuerderung fir déi besoten Notten vum Juli 2020 a Bezuch op d'Tâche vum edukativen a psycho-soziale Personal aus dem Enseignement fondamental, de Kompetenzzentren an dem Enseignement secondaire integral zréckzezéien, an a Rou ee Sozialdialog iwwert d'Aarbechtskonditiounen an d'Tâche vum concernéierte Personal ze féieren. Mir verlaangen eng Legiferéierung duerch d'Chamber zu den Tâche vum edukativen a psycho-soziale Personal an de Schoulen an domat och an dësem Dossier d'Respektéiere vum demokratesche Prozess.**

De Comité vum SPEBS/CGFP

*SPEBS, 4, Place Thomas Edison, L-1483 Strassen*
*CCPL IBAN LU97 1111 7196 8037 0000*
*contact : president@spebs.lu / secretaire@spebs.lu*